Méi Informatiounen
op eiser Websäit:

Cette lettre existe également en langue française.
Dieser Brief ist auch in deutscher Sprache erhältlich.
This letter exists also in English.
Esta carta existe também em português.

# **Ech maache mat** beim Daarmkriibs-fréierkennungs-Programm

**ALUEDUNGSNUMMER:**

Madamm, Monsieur,

Daarmkriibs ass hei am Land eng vun deenen heefegste Kriibsaarten an de Risiko dorun ze erkranken, klëmmt mam Alter.

Ee reegelméissege Screening **all 2 Joer** ass een effikasse Moyen, fir den Daarmkriibs am fréie Stadium z'erkennen. Eng rechtzäiteg Behandlung kann **an 9 vun 10 Fäll zu enger Heelung féieren.**

Fir um nationalen Daarmkriibs-Fréierkennungsprogramm (PDOCCR - Programme national de Dépistage Organisé du Cancer ColoRectal) deelzehuelen, braucht Dir just een Test op Bluttréckstänn am Stull a Form vun engem FIT-Test duerchzeféiren.

De **Screeningtest ka bei Iech doheem gemaach ginn.** En ass einfach, séier, a gëtt zu 100 % vun der Gesondheetsdirektioun iwwerholl.

Dir fannt op der **Säit 2** vun dëser Aluedung d'Schrëtt fir Äre FIT-Test ze kréien.

**ALUEDUNGSNUMMER (VOUCHER ID) - 2 JOER GÜLTEG**


Opgepasst: Dës Nummer ass perséinlech. Weder d'Invitatioun nach de FIT-Test kënnen op aner Persounen iwwerdroe ginn.

Wann Dir viru Kuerzem eng Daarmspigelung gemaach hutt oder wann Dir Verdauungssymptomer hutt, rode mir Iech Ären Dokter / Är Doktesch ze kontaktéieren ier Dir de Screeningtest ausféiert.

Bescht Gréiss.

Dr Jean-Claude Schmit
Gesondheetsdirekter

Christian Oberlé
President vun der CNS



Praktesch Informatioune fannt Dir **op der Récksäit**

Programme Dépistage Cancer colorectal

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale
Direction de la santé

Centre de Coordination des programmes de dépistage des cancers
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale, Direction de la santé
20, rue de Bitbourg - L-1273 Luxembourg-Hamm
Tél. : 247 755 50 - Fax : 247 95563
colorectal@ms.etat.lu - www.sante.lu - www.cns.lu

CNS d'Gesondheetskeess

**Ech maache mat** beim Daarmkriibs-fréierkennungs-Programm



## SCHRËTT 1: Den FIT-Test bestellen

Dëse Schrëtt erfuerdert d'Aluedungsnummer an d'Matricule.

- **Iwwer Internet bestellen:** via MyGuichet: guichet.lu/depistage-colorectal-de.
  De FIT-Test kënnt dann per Post.
- **Per Telefon bestellen:** +352 27 321 888 beim Labo BIONEXT. De FIT-Test kënnt dann per Post.
- **An der Apdikt:** De FIT-Test gëtt Iech dann direkt an der Apdikt iwwerreecht.
- An engem vun **de BIONEXT-zentren**: De FIT-Test gëtt Iech dann direkt am Zentrum iwwerreecht.

Myguichet

## SCHRËTT 2: De FIT-Test maachen

- D'Gebrauchsanweisung gutt duerchliesen.
- Eng Stullprouf huelen.
- D'Identifikatiouns-Fiche richteg ausfëllen an Uecht ginn den Datum vun der Prouf opzeschreiwen.
- Alles an déi blo frankéiert Enveloppe paken a dës esou schnell wéi méiglech an eng Bréifboîte geheien oder an engem vun de BIONEXT-zentren ofginn.

## SCHRËTT 3: D'Resultat kréien

- D'Resultat vum FIT-Test gëtt vum Laboratoire no e puer Deeg verschéckt. Wann Dir en Dokter oder eng Doktesch beim Bestellen vum FIT-Test uginn hutt, kritt hien oder si och d'Resultat.

**An 93% vun de Fäll**
**ass d'Resultat vum FIT-Test negativ.**
Dir kritt all 2 Joer en neien Test.

**An 7% vun de Fäll**
**ass d'Resultat vum FIT-Test positiv.**
Dat bedeit awer net onbedéngt, datt Dir Daarmkriibs hutt, mä fir d'Ursaach ze identifizéieren, **wend Iech un Ären Dokter.**

## Eng aner Fro?

Centre de Coordination des programmes de dépistage des cancers

- Tel: (+352) 247 755 50
- Mail: colorectal@ms.etat.lu
- www.sante.lu an www.montest.lu

Verschidde Kriibsarten kënne sech schnell weiderentwéckelen. Et ass also wichteg, dass Dir op d'Optriede vun anormalen Verdauungsproblemer oppasst an Dir direkt bei en Dokter gitt, wann dir eppes Ongewéinleches bemierkt.

**Oppassen**, dëst ass kee Bestellschäin fir den Daarmkriibs Screening Kit.

**Fir een Daarmkriibs Screening Kit ze bestellen, consultéiert d'Säit 2.**

Wann Dir net (temporär oder permanent) wëllt deelhuelen, schéckt wann ech gelift dëst Dokument per Post oder E-Mail un de Koordinatiounszentrum zréck.

☐ Ech gi léiwer bei mäin Dokter a maachen eng Daarmspigelung ausserhalb vum Programm. **Ech kréie keng Invitatioun méi.**

☐ Ech gouf/gi wéinst Daarmkriibs behandelt. **Ech kréie keng Invitatioun méi.**

☐ Ech wëll net um Screening deelhuelen. **Ech kréie keng Invitatioun méi.**

☐ Ech wëll dëst Kéier net matmaachen. **Ech ginn an 23 Méint erëm invitéiert.**

Numm: ........................................ Datum: ........ / ........ / ........

Virnumm: ........................................ Ënnerschrëft:

Sozialversécherungsnummer: 1 9 _ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _

Egal, wéi Dir Iech decidéiert, wëlle mir Iech drop hiweisen, datt Dir Är Meenung jidderzäit, duerch d'Iwwermëttelung vun enger informeller schrëftlecher Demande oder enger E-Mail un de Koordinatiounszentrum, ännere kënnt an erëm eng Invitatioun fir den Stullgangtest ufroe kënnt.

## Wann mäi Screening positiv ass, **wëll ech net dat de Koordinatiounszentrum d'Resultater vu mengen zousätzlechen Examen kritt.**

Wann Dir net wëllt, dass de Koordinatiounszentrum d'Resultater vun Ären zousätzlechen Examen kritt, schéckt wann ech gelift dëst Dokument per Post oder E-Mail zréck.

☐ Ech refuséieren dat de Koordinatiounszentrum d'Resultater vu mengen zousätzlechen Examen no engem positiven FIT-Test freet a kritt.

Numm: ........................................ Datum: ........ / ........ / ........

Virnumm: ........................................ Ënnerschrëft:

Sozialversécherungsnummer: 1 9 _ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _

Programme Dépistage Cancer colorectal

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale
Direction de la santé

Centre de Coordination des programmes de dépistage des cancers
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale, Direction de la santé
20, rue de Bitbourg - L-1273 Luxembourg-Hamm
Tél.: 247 755 50 - Fax: 247 95563
colorectal@ms.etat.lu - www.sante.lu - www.cns.lu

Wéi gi meng perséinlechen Daten verschafft?

# Informatiounen Notiz

## iwwer d'Veraarbechtung vun Äre perséinlechen Donnéeën

**Firwat kréien ech dës Invitatioun?**
Dës Invitatioun gëtt Iech geschéckt op Basis vun den Informatioune vun der Gesondheetskeess (CNS) am Kader vun der Konventioun mam Staat Lëtzebuerg.(1)
Dir kritt dës Invitatioun vun der Gesondheetsdirektioun geschéckt.
Dëse Programm riicht sech u Persounen am Alter tëschent 45 a 74 Joer, déi bei der CNS affiliéiert sinn, mam Zil, eng fréizäiteg Erkennung vum Daarmkriibs an eng besser Versuergung ze favoriséieren.

**Ass meng Participatioun fräiwëlleg?**
Jo, Är Participatioun um Programm ass komplett fräiwëlleg. Wann Dir net méi ageluede wëllt ginn, deelt Är Verweigerung an engem Schreiwes dem Koordinatiounszentrum fir Kriibsfréierkennungsprogrammer (Gesondheetsdirektioun) mat. De Formulaire dofir läit bäi.

**Wien traitéiert meng Daten?**
Wann Dir beim Programm matmaacht, ginn Är perséinlech Daten (Identifikatiouns- an eventuell Kontaktdaten) vum Laboratoire traitéiert, vun deem Dir de FIT-Test kritt.
Méi genau ginn Är Daten traitéiert:

1. vun de Laboratoiren, déi d'Analys maachen;
2. vun der Gesondheetsdirektioun iwwer hire Koordinatiounszentrum fir den Daarmkriibs-Fréierkennungsprogramm, fir d'Ënnerstëtzung vun der Iwwerwaachung vun Ären zousätzlechen Examen am Fall vun engem „positiven" Screening ze garantéieren a fir zur Verbesserung vun der Fréierkennung an der Behandlung vum Daarmkriibs ze bidden.
3. vum Nationale Kriibsregëster, deem dem Koordinatiounszentrum, dee verantwortlech ass fir den Daarmkriibs-Fréierkennungsprogramm (Gesondheetsdirektioun), déi pseudonymiséiert Informatioun iwwer en eventuelle Intervallkriibs iwwermëttelt.

Op organisatoreschem Niveau ass unzemierken, datt d'Gesondheetsdirektioun d'Verschécke vun den Invitatiounen enger Dréckerei sous-traitéiert, déi selwer enger strenger Vertraulechkeet ënnerläit.

**A mäin Dokter vum Vertrauen?**
Fir de Suivi vun Ärem Fréierkennungstest ze garantéieren, ginn Är perséinlech Daten och un den Dokter geschéckt, deen Dir an der Identifikatiounsfiche uginn hutt.

(1) *Convention conclue entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la Caisse Nationale de Santé portant sur l'organisation d'un programme de dépistage organisé du cancer colorectal (PDOCCR) par test immuno-chimique quantitatif.*

**Wéi droen d'Daten, déi am Kader vun dësem Fréierkennungsprogramm traitéiert ginn, dozou bäi, d'Versuergung vum Daarmkriibs op nationalem Niveau ze verbesseren?**
Am Kader vum Fréierkennungsprogramm ginn Är Daten duerch d'Gesondheetsdirektioun an aggregéierter Form fir statistesch Zwecker traitéiert. Zousätzlech gi pseudonymiséiert Date vun der Gesondheetsdirektioun mam Luxembourg Institute of Health ausgetosch. Dëst Etablissement geréiert den Nationale Kriibsregëster. Dës Veraarbechtungen erméiglechen, déi global Effikassitéit vun der Versuergung an d'Effikassitéit vum Fréierkennungsprogramm ze evaluéieren.

**Wéi laang gi meng Date versuergt?**
Déi nominativ a pseudonymiséiert Date gi vun der Gesondheets- direktioun wärend enger maximaler Dauer vun maximal 12 Joer nom Enn vum Zilalter vum Screeningprogramm versuergt.

**Wat si meng Rechter am Beräich vum Dateschutz?**
Duerch d'Dateschutzgrondveruerdnung (RGPD) hutt Dir verschidde Rechter. Dir kënnt:

- op Är Daten, déi Iech betreffen, zougräifen an eng Kopie dovun ufroen;
- d'Rektifikatioun vun Ären Daten, wa se falsch oder net komplett sinn, verlaangen.

Ënner bestëmmte Konditioune kënnt Dir och d'Veraarbechtung vun Ären Date limitéieren, Iech der Veraarbechtung vun Ären Date widdersetzen, d'Läschen oder d'Portabilitéit vun Ären Daten ufroen. Dir kënnt Är Rechter bei der Gesondheetsdirektioun ausüben, andeems Dir eng schrëftlech Ufro, mat Noweis vun Ärer Identitéit, maacht:

- per E-Mail un d'Adress colorectal@ms.etat.lu, mam Vermierk: Dateschutz / Ufro Ausübe vu Rechter, oder
- per Post un d'Adress: Koordinatiounszentrum fir Kriibsfréierkennungsprogrammer – Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale, Direction de la santé – 20, rue de Bitbourg L-1273 Luxembourg-Hamm.

Wann Dir net komplett zefridde sidd mat der Äntwert, déi Dir kritt, oder falls Dir soss eng Fro iwwer de Schutz vun Ären Daten hutt, kënnt Dir Iech un den Delegéierte fir den Dateschutz wenden; per E-Mail un d'Adress: info_donnees@ms.etat.lu, oder per Post un d'Adress: Delegéierte fir den Dateschutz, Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale, Direction de la santé – 20, rue de Bitbourg L-1273 Luxembourg-Hamm.
Dir kënnt och eng Reklamatioun bei der Nationaler Dateschutzkommissioun areechen, per Post un d'Adress: 15, Boulevard du Jazz, L-4370 Belvaux oder andeems Dir den Online-Formulaire um Internetsite vun der CNPD an der Rubrik Particuliers -> Faire valoir vos droits ausfëllt.

Programme Dépistage Cancer colorectal

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale
Direction de la santé

Centre de Coordination des programmes de dépistage des cancers
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale, Direction de la santé
20, rue de Bitbourg - L-1273 Luxembourg-Hamm
Tél. : 247 755 50 - Fax : 247 95563
colorectal@ms.etat.lu - www.sante.lu - www.cns.lu